N° 8268
Entrée le 26.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn
op d'parlamentaresch Fro N° 8268 vum 29. August 2023
vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

Eng Rei Elementer an der Fro vum honorabelen Deputéierten entspriechen net der Realitéit.

Zënter November 2021 gi gréisser Renovatiounsaarbechten ausgeféiert am Gebai vun der Residenz vun der Lëtzebuerger Vertriedung bei de Vereente Natiounen zu New York, wou den Ambassadeur a permanente Vertrieder wunnt. D'Aarbechten an dëser Propriétéit vum Lëtzebuerger Staat sollen Enn 2023 ofgeschloss sinn.

Fir den Ambassadeur a seng Famill während de Renovatiounsaarbechten ze logéieren, lount de Lëtzebuerger Staat en Appartement an engem Gebai op der éischter Avenue dat de Numm „Trump World Tower" dréit. Dëst Gebai ass net ze verwiessele mam „Trump Tower" op der fënnefter Avenue.

D'Appartement ass fir 13.500 US Dollar de Mount vun August 2021 bis Mee 2023 gelount ginn a gëtt fir 15.500 US Dollar de Mount vu Juni bis Dezember 2023 gelount. Déi Wunneng huet ënnert anerem de Virdeel datt se géigeniwwer vum Sëtz vun der UNO ass, souwéi och an der direkter Noperschaft vun der Lëtzebuerger permanenter Vertriedung bei der UNO. Wéinst der Proximitéit mat der UNO wunne vill Diplomaten an deem Gebai. D'Appartement gouf zeréckbehale, well de Rapport qualité/prix gutt war.

Anescht ewéi den „Trump Tower" op der fënnefter Avenue, ass den Donald Trump net Propriétaire vun dësem Gebai. Hie wunnt selwer net do. Et wunnt och kee vu senge Familljememberen do. An d'Trump Organization huet kee Sëtz an deem Gebai. D'Gebai dréit de Numm „Trump World Tower" well den Här Trump, deen ee vun de Promoteure war deen d'Gebai baue gelooss huet an de Joren 1999-2001, dem Gebai deen Numm ginn huet.

Lëtzebuerg, den 26. September 2023

Den Aussen – an Europaminister
(s.) Jean Asselborn